Syndicat National des Enseignants - www.sne.lu

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie

Lëtzebuerg, den 13 ten Oktober 2017.

National « Notes de service » …
versus
… Rentrée vum Vertrauen !?

Léif Kolleginnen, léif Kollegen,

Mat Entsetzen huet den SNE/CGFP Kenntnis geholl vun der Flut vu « Notes de service », déi aus den Direktiounen an d'Schoulen era geflattert sinn.

Déi Abberzuel vun Direktiven a Formulairë stinn a Kontradiktioun zu dem Minister senge Wierder zur Rentrée - eng Rentrée, déi hien ënnert d'Zeeche vum Vertraue gestallt huet.

Elo gesäit et allerdéngs esou aus, wéi wann déi nei geschafen Direktiounen en iwwerdriwwene Kontrollwahn op d'Personal ausübe wéilten, esou wéi dat 2009 am Ufank vun der Ëmsetzung vun der Schoulreform schonn emol probéiert gouf.

D'Direktioune schénge sech virun allem Suergen iwwert klenglech Kontroll-moossnamen ze maachen. Wier et net méi sënnvoll, dass si sech ëm déi reell Problemer um Terrain géife këmmeren an domadder ee Klima vu Vertraue bei den Enseignante schafe géifen ? Esou kéinte si och een Deel zu enger gudder Aarbechtsatmosphär an de Schoulen bäidroen.

Allze vill strikt Direktiven huelen der Schoul hier Flexibilitéit an droen net zu méi Autonomie bäi, déi jo awer esou dacks vum Minister prônéiert gëtt.

Wat d'Concertatiounen ubelaangt, erënnere mir drun, wat am « Rapport d'expertise sur le bilan de la réforme de l'école fondamentale », deen d'Universitéit Lëtzebuerg am Dezember 2012 erstallt huet, festgehale gouf : « Auffällig ist weiterhin, dass die obligatorischen wöchentlichen Sitzungen unabhängig vom Bedarf und in der vorgeschriebenen Dauer schematisch abgehakt oder „abgesessen" werden, selbst wenn dies wegen fehlender Tagesordnungspunkte nicht erforderlich ist. Wünschenswert wäre eine Flexibilisierung der Versammlungs- und Sitzungsmodalitäten je nach Handlungsbedarf ». (Säit 81 vum Rapport)

Dofir verlaangt den SNE/CGFP, dass den iwwerdriwwene Pabeierkrich, besonnesch am Zesummenhang mat de Concertatiounen, direkt ofgeschaaft muss ginn.

D'Ënnerschreiwe vu Präsenzlëschten, eng rigid Festleeung vun de Concertatiounen, wou d'Dauer wahrscheinlech nach muss handgestoppt ginn, an en eventuellt Ofmelle mat Certificat médical si kontraproduktiv.

Mir wäerten dem Minister des Doleancen och mat Nodrock ënnerbreeden an eis konsequent dofir asetzen, dass hien sech un déi Prämissen hält, déi hie fir des Rentrée proklaméiert huet.

Mat syndikalistesche Gréiss,
de Comité central vum SNE/CGFP

BP 2437
L-1024 Luxembourg

tél +352 48 11 18
fax + 352 40 73 56

www.sne.lu
sne@education.lu

siège : 11-13 , rue des Ardennes
L- 1133 Luxembourg -Bonnevoie